PIRATEN

Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um KrautmaartDeci
1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
02 JUIL. 2019
58

Lëtzebuerg, den 2te Juli 2019

Här President,

**Am Kader vun der Froestonn un d'Regierung vum 2. Juli wéilt ech dem Här Landwirtschaftsminister eng Fro iwwert d'Déierentransporter tëscht Lëtzebuerg a Net-EU-Länner stellen.**

Och wann d'Déiereschutzgesetz vun 2018 d'Déier als Liewewiesen unerkennt, esou ass d'Weltusiicht an der Industrie ëmmer nach eng aner. Fir de Commerce ass d'Déier – ob Kou, Schof oder Hong – ëmmer nach eng Handelswuer a behält soumat seng Charakteriséierung als Géigestand.

Aktuell existéieren tëscht Lëtzebuerg an Drëttstaaten, déi net Member vun der EU sinn – a fir déi soumadder d'EU Reglement 1/2005 keng direkt Uwennung huet – kommerziell Bezéiungen, an deenen den Handel vu liewegen Déiere virkënnt. Hei ginn Déieren dausenden vu Kilometer tëscht Lëtzebuerg an dem Drëttland, dëst a Konditiounen, déi ganz oft géint déi existéierend Gesetzes verstoussen.

**An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:**

1. Mat wéi enge Net-EU-Länner ënnerhält Lëtzebuerg aktuell Handelsrelatioune beim Import an Export vu liewegen Déieren?
2. Wéi vill Déierentransporter, déi vu Lëtzebuerg aus starten, hunn als Destinatioun een Drëttland, dat net Member vun der EU ass?
3. Wäert d'Lëtzebuerger Regierung weiderhin Autorisatioune fir Déierentransporter ausstellen, déi als Ausgangspunkt oder Destinatioun ee Net-EU-Land hunn? Falls jo, wéi eng Grënn schwätzen dofir?

Mat déiwem Respekt,

Marc GOERGEN
Député